# UESPELTER SCHLASSMAART 2026



**LOKAL PRODUITEN, KREATIOUNEN AN ANIMATIOUNEN & IESSEN A GEDRÉNKS**

**16.05.** | 18–22 AUER

**17.05.** | 10–18 AUER

**BEIM UESPELTER SCHLASS**
37, Peiter vun Uespelt-Strooss

**GRATIS SCHLASSNAVETTEN**
Helleng – Fréiseng – Uespelt

AMIS DU CHÂTEAU D'ASPELT

CTF
Gaart an Heem Uespelt a.s.b.l.

# UESPELTER SCHLASSMAART

Gaart an Heem Uespelt an d'Uespelter Schlassfrënn invitéieren lech, zesumme mat hiren Aussteller a Memberen, op hire gemeinsamen Handwierkermaart – **Samschdes, de 16. Mee 2026** vun 18:00 bis 22:00 Auer a **Sonndes de 17. Mee 2026** vun 10:00 bis 18:00 Auer – am schéine Kader vum renovéierte Site vum Uespelter Schlass.

De Schlassmaart zu Uespelt luet lech an, ze staunen, ze entdecken an aktiv matzemaachen! Nieft de ville Stänn gëtt et e variéierten Animatiounsprogramm fir déi ganz Famill.

Samschdes Owes suergt de **JOUM** (Jugendorchester vun der Uespelter Musik) fir Stëmmung dobaussen, bäi Reen natierlech am Sall „Hadespelt". Sonndes kënnen déi kleng Gäscht sech am **Facepaintingatelier** an hir Liblingsfigur verzaubere loossen oder am **Kreatiounsatelier** hirer Fantasie fräie Laf loossen. Vu 14 Auer un suergt den Ensembel **„Les Gavroches"** mat 2 mol enger Stonn Optrëtt fir eng super Stëmmung wärend d'Romaine an de Fränz mat hirer **Dréiuergel** nostalgesch Kläng iwwer de Maart spille loossen.

Freet lech op onvergiesslech Momenter an eng eenzegaarteg Atmosphär!

## GRATIS SCHLASSNAVETTEN

**De Parking beim Schlass ass wéinst Aarbechten zou!** Fir lech e komfortabelt an entspaant Erliefnis um Schlassmaart zu Uespelt ze bidden, stinn iech déi zwee Deeg zwou gratis Navetten zur Verfügung. Dës fuere reegelméisseg tëschent der Kierch zu Helleng an der Gare zu Uespelt an dem Schlass hin an zréck.

**Sa 16.05. | 17:45 - 22:30**
**So 17.05. | 9:45 - 18:30**

### NAVETTE 1:
Helleng – Kierch | Fréiseng – Kräizung | Fréiseng – Ënnescht Duerf | Uespelt – Schlass

### NAVETTE 2:
Uespelt – Garer Platz | Uespelt – Schlass



Design: Liz Kummer Design Studio, Fréiseng

**Gaart an Heem Uespelt a.s.b.l.**
schiltza@pt.lu / veronika.laudi@gmail.com
www.gaartanheem.lu

**Frënn vum Uespelter Schlass a.s.b.l.**
info@chateau-aspelt.lu
www.chateau-aspelt.lu